D'GAMELLE 2011

E Bliedchen vun de
Luerenzweiler Guiden a Scouten

Redaktiounsuschrëft

GAMELLE
31, rte d'arlon
L-8706 Useldange
GSM: 661 79 11 15
e-mail: gamelle@lgslorentzweiler.lu

Chefredakter

Redaktioun

Pit
Biber
Wëllefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vu sämtlechen Branchen

Oplo

100 Stéck

Nummer

N° 22 erauskomm de
19. November 2011

Wat as dran?

1	**Cover**
2	**Impressum & Inhalt**
3	**Virwuert vum Gruppechef**
4-6	**Wichteg Adressen & SHOP**
7	**Merci Pit**
8	**Biber**
9-10	**Wëllefcher**
11-12	**Avex**
13	**Wat war lass am Scoutsjoer?**
14	**Carapio**
20	**RaRo**
22	**Beschass**

Haut ze Dags huet eis Jugend eng "cool" Schreifweis ... mir hoffen, dir kritt alles gelies ;-)

Ween Fehler fënnt, dierf se haalen oder beim Recycling-Center oofgin.

Wat? Wou? Wéini?

11. Dezember 2011	**Chrëschtmaart** Centre Culturel
27. Februar 2012	**Buergbrennen** op der Schanz
23. Abrëll 2012	**Ouschteréeraktioun** Luerenzweiler Gare
1. Mee 2012	**Meekranz**

E puert Wuert vun eisem Gruppechef

Bis nach virun e puer Joer hun ech als Redakter vun der Gamelle dem Gruppechef all Kéiers missten nolaafen fir d'Virwuert mat Zäiten ze kréien.
Elo setzen ech selwer virun mengem wäissen Word Dokument a soen dem Mireille „Jo, jo, d'Virwuert ass esou gudd wéi färdeg".

Als **neie Gruppechef** vun de Luerenzweiler Guiden a Scouten hun ech secherlech eng gewëssen Resposabilitéit iwerholl déi natirlech och mat e bessen Arbescht verbonnen ass.
Dofir freen ech mech ganz besonneg datt ech vun net manner wéi dräi Gruppecheftaine Adjointen (dem Carole, dem Lisbet an dem Renée) assistéiert gin! Ausserdem sin ech frou datt esou „aal" Huesen wéi zum Beispill eise langjähregen Gruppechef, de Jhemp, nach emmer dobei sin an eis mat hierer wertvoller Erfahrung ennerstetzen.

2011 war d'europäescht Joer vum Bénévolat. Aus deem Grond wéilt ech op deser Plaz och emol eng Kéier drop hiweisen, datt am Géigesatz zu verschidden aaneren Jugendorganisatiounen, eis Cheffen net fir hier Arbecht bezuelt gin. Si maachen hier Arbecht 100% bénévol, an dat mat 100% Asatz. **E grousse Merci dofir un all eis Cheffen** fir déi Zäit déi si sech huelen an déi Arbescht déi si leeschten fir déi Jonk all Woch an de Versammlungen, op de Weekender, oder de Campen ze encadréieren an ze animéieren.

De Mot d'Ordre deen vum Verband all 3 Joer nei festgeluecht gett, heescht säit läschtem Chefdag **„Staark fir Muer"**. Mat eiser aktueller Chefekipp si mer dat ganz secher. De Chefdag stung och ganz am Zeechen vun der Moderniséierung an Erneierung. Mat enger relativ jonker Chefekipp an aktuellen Technologien wéi eisen Internet Site **(www.lgslorentzweiler.lu)** **oder eiser Facebook Säit** (http://j.mp/lgslorentzweiler) si mir och elo schon e modernen a frëschen Jugendgrupp.

Ech freen mech op e neit Guiden- a Scoutsjoer a lueden iech natirlech och erem härzlech op eis traditionell Rendez-vousen wéi de Kreschtmaart, d'Buergbrennen, oder den 1. Mee an.

De Sven

d'Chefekipp 2011/12

GRUPPECHEF

LINCKELS Sven
GSM: 691 309 737

GRUPPECHEF ADJOINT

KRECKE Elisabeth
GSM: 621 768 176

PRIM-NEY Carole
GSM: 621 499 115

BIDOLI Renée
GSM: 621 784 250

BIBER

TOISUL Fanny (Responsabel)
GSM: 621 640 050

SCHMOL Carole
GSM: 621 681 681

GALELLI Jill

SCHREINER Ben
GSM: 691 671 658

WELLEF

ROMMES Anne (Responsabel)
GSM: 621 630 041

MAY Claude
GSM: 691 660 430

URBE Lisa
GSM: 661 771 540

SCHOSSELER Jil
GSM: 691 844 525

FOURNELLE Germain
GSM: 621 758 116

Avex@lgslorentzweiler.lu

AVEX

BECK Jemp (Respo.)
GSM: 621 750 159

BIDOLI Charel
GSM: 621 526 217

BOURMER Fränk
GSM: 621 214 989

DE DOOD Florence
GSM: 621 704 507

BECK Julie
GSM: 661 753 696

BORDEZ Carole
GSM: 661 325 373

BISENIUS Lisa
GSM: 691 789 739

MOLITOR Chris
GSM: 621 718 656

MOLITOR Anne
GSM: 661 753 818

Carapio@lgslorentzweiler.lu

CARAPIO

BIDOLI Renée (Responsabel)
GSM: 621 784 250

BACKENDORF Marc
GSM: 691 594 096

SCHROEDER Änder
GSM: 661 730 814

PRIM-NEY Carole
GSM: 621 499 115

KRECKE Elisabeth
GSM: 621 768 176

Raro@lgslorentzweiler.lu

RARO

FOURNELLE Germain (Responsabel)
GSM: 621 758 116

SCHREINER Ben
GSM: 691 671 658

KEESSIERE

EVERAD Chantal
TEL: 32 65 75
GSM: 621 203 584

AUMONIER

RICHER Romain
GSM: 691 921 054

FOYER

... as ze fannen: 23, rue St. Laurent
L-7370 Luerentzweiler

as ze ereechen: ënner dem TEL: 33 07 08

www.lgslorentzweiler.lu

Den LGS SHOP ...

... as ze fannen:
5, rue Munchen-Tesch
Lëtzebuerg

... huet op:
Dënschdes: 15.00 bis 18.00 Auer
Donneschdes: 15.00 bis 19.00 Auer
Samschdes: 09.00 bis 12.00 Auer

Während de Schoulvakanzen as de Shop zou!

as ze ereechen:
ënner dem TEL: 26 94 84-31
oder per E-mail: shop@lgs.lu

www.lgs.lu

T-SHIRT LGSLUERENZWEILER

Mir hun wonnerschein T-shirts fir eise Grupp drecken gelooss.

Et bleiwen der nach puer Rescht fir ze kaafen (Erwuessen- a Kannergréissten)

Präis: 15 euro

Beim Carole mellen!

SHOPPING

M-E-R-C-I, Pit !!!

Mettwochmettes ass eisen Camp 2011 mam Thema Plätschnaas lass gang. Mier hun eis zu Miersch op da Gare getraff an sin do mam Zuch bis op Clierf gefuer! Dobai waren : den Ryan , den Philippe, den Tom , den Ben, den Laurent , den Olivier an den Lex. Zu Clierf hun mier eng Zaitchen gebraucht bis mir beim Chalet waren. Do unkomm kruten mir eng kleng Stärkung an dun hun mir eng Wasserolympiad mat flotten Spiller gemach . Als Owendiessen gouf et Pakalu deen eis gudd geschmaacht huet. Zum Ofschloss koum dun nach eng flott Veillée!

Donneschtes hun mir Moies T- shirten gemollt mat enger Wasserdrëps drop! Nom Mettegiessen hun mir dun eng Schnitzeljagd mat vill Spiller bis roof bei d'Baach gemach! Bei der Baach hun mir dun kleng Schëffer gebastelt an verschiedener goufen um Wasser ausprobeiert! Owes war Kino mat Popcorn.

Freides hun mir dierfen baaken. Et gouf Appeltaart an Biirenkuch virbereet well owes sollten mir Besuch kreien! Mettes hun mir dun puer Wasserexperimenter gemaach. Als Owendiessen gouf et Gegrills an eisen Dessert. Owes hun mir dun eis Verspriechen gemaach an mir kruten eisen Foulard. Als Ofschloss kruten mir nach vun eisen Chefen eng Geschicht virgelies.

Dun koum eisen leschten Daag. Moies hun mir eng Wasserlibell gebastelt! An dun koum et zum raumen an botzen vum Chalet. Mettes koumen dun eis Elteren eis sichen an leider war den Camp erriwwer!!

Plätschnaass

Denstes, 6. September

Den 6. September hunn eis Elteren eis bis op't Mierscher Gare bruecht, duerno sin mir mam Zuch op Clierf gefuer. Wou mir ukomm sin, hunn mir en Explo iwert Clief gemach an sin während deems bei de Chalet gaangen. Wou mir beim Chalet ukoumen, hunn mir d'Schloofsäck ausgepaakt. Mir sin an den Iesssall geruff gin, an d'Cheffen hun eis d'Regelen gesoot. An dun haaten mir Freitzeit. Dun ass d'Elisabeth an't Schloofummer komm mat engem Blaat an Faarwen an huet gesoot dass mir sollen een Bild fir op't Dier moolen. Duerno hunn mir giess, et goufen Raviolien. Noom iessen hun mir gespillt. Op eenmol koum t'René an d'Anne matt den Taucherbreller an eis Kummer eran, an hun gesoot dass mir elo een Spill maachen. Wou mir dun am Sall waren, war en Schwammbasseng dran opgeriicht an et waren Inten dran dei gequaakt an geblenkt hun. Ennert den Inten waren Ettiketten do stung zum Beispiel R100, AW 30, N 00, 7N an D5 an dann hun mir missten Aufgaben léisen wéi Rechenaufgaben oder Froen. Um halwer 11 hun mir eisen Pyjama ugedoen an eis Zänn gewäsch. Um 11 Auer war Nuetsrou.

Alex, Fiona, Gill

Mettwochs, 7. September

Wie mir opgestan sin hunn mir Kameidi virun 7 Auer gemaach. An eng Regel war keen Kaméidi virun 8 Auer an dun hunn mir missten an de Besch Frühsport maachen goen. Wie mir zereck komm sin hunn mir zu Moies giess. Noom Iessen hunn mir een Wasserkreeslaaf gemaach an hunn en raus gesaat. Wei mir färdeg waren konnten mir auswielen waat mer spillen wollten. Dun huet d'Anne eis geruff an mir hun d'Patt ugefang. Eis war iwerloos ob mir d'Patt wéillten maachen oder net. Mir hunn eis bal alleguer gudd drun gin. Duerno hunn verschideen Kanner Zopp matt Würstchen gekacht. Dun hunn d'Cheffen d'Zopp waarm gemaach.

Wei d'Iessen färdeg war hun sie eis geruff an dunn hunn mir giess. Duerno hunn mir bessen dobaussen gespillt an dun sin d'Biber komm. Dun sin mir Holz sichen gaang fir d'Feier unzemaachen. Dun hunn mir eng Wasser-Olympiade gemaach an dun hunn mir eisen Pakalu färdeg gemaach. An Cheffen hunn de Pakalu op d'Feier geluecht. Nom Owesiessen war eng Eröffnungsvéillée um Programm. Die Véillée war matt Spiller dobaussen verbonnen. Leider konnten mir Spiller net alleguer dobaussen maachen wéinst dem Wieder. Elisabeth, Jill, Renée an d'Anne waren als Feen verkleed an den Germain an den Ben waren Feier. No der Veillée hunn mir missten schlofen goen. Félix, Lilly, Lynn

Donneschdeg, 8. September

Moies hunn mer eng Waasserdrëps op eisen wäissen T-Shirt gemoolt. Wou mir fäerdeg waren, hunn mir d'Méiglechkeet gehat d'Moglis Pist ze man vir d'Patt ze kréien. Dann hunn mir Picknick dobannen gemaach (well Wieder net gutt war). Duerno si mir an den Bësch gaangen, wou mir ënnerwee Spiller gemaach hunn: Puzzel, Schmaachspill, eng Geheimbotschaften-tzifferen, Dännendëppchen-Wäitschéissen. Dann hunn mir Bulldog géint Cheffen gespillt, an Booter gebastelt, déi mir op der Klierf schwammen gelooss hunn. Als Stäerkung kruten mir een Apel an een Stéck Schokla. Dann sinn mir zeréck rop gaangen an den Chalet. Wéi mir beim Chalet ukomm sinn, hunn mir Macaroni Bolognese giess. Duerno sinn mir op d'Zëmmeren gaangen, dann hunn mir een Film gekuckt an Popcorn giess. Lena, Lynn, Elena

Freideg, 9. September

Mir sinn opgestanen an hunn Taarten virbereet. Duerno sinn mir an d'Mass bei Pateren gaangen an hunn d'Abtei besicht. Duerno hunn mir Omelett giess an Taarten fäerdeg gebak. Dann hunn mir Experimenter mat Waasser gemaach. Fir datt mir Grillen konnten, hunn mir mam Germain Féier gemaach an hunn Zaloten preparéiert. An Hunn op den groussen Besuch (eisen Gruppechef) gewaart, dann hunn mir zesummen giess. Wéi mir fäerdeg giess hunn sinn mir erausgaangen. Do hunn mir Völkerball gespillt. Dann hunn mir Stratego am däischteren Bësch mat Täscheluuchten gespillt an sinn um halwer zwielef an d'Bett gaangen. Marc, Sébastian, Félix.

Samschdeg, 10 September

Noom Iessen hunn mir schon eis Saache missten paaken. Mir hunn eng Waasserlibell aus Filz gebastelt. Mettes hunn mir Pirat a Pëppchen gespillt. Dann hunn Lena, Lynn a Lilly vir hiren Optrëtt geübt, während déi aner Drauwen mat Kéis gemaach hunn. Dann sinn eis Elteren eis sichen komm. Gil, Lilly, Magarida

Tag1:
Wir trafen uns um 10:00 Uhr auf dem Bahnhof in Lorentzweiler. Dort verabschiedeten wir uns von unseren Eltern und wir fuhren mit dem Auto los. Wir sind an einer Raststätte stehen geblieben. Ab hier gingen wir zu Fuss in Richtung Campplatz. Wir sind einen schmalen Weg durch den Wald gegangen und nach einer langen Wanderung sind wir endlich angekommen. Wir stellten unsere Zelte auf. Danach luden wir Kanister in Jemps Auto und dann fuhren wir Wasser holen. Dabei begegneten wir einen “Agro”Hund, der uns wie verrückt anbellte. Als wir die Arbeit beendet hatten, fuhren wir zurück. Abends assen wir leckere Ravioli, zubereitet von Erni, unserer Lieblingsköchin. Nach dem Essen fand die Eröffnungsveillée statt. Dabei sind “Schockofix” (gespielt von Charel), begleitet von Ritter Bertram (Frank) und seinem Knappen Téid (gespielt von Jemp “sehr schlecht”). Sie sagten dann dass sie das Rittersportrezept erfunden hätten, und das Rezept sei geklaut worden. Wir mussten probieren den Dieb zu finden. Diese Veillée zog sich über das ganze Camp.

Tag2:
Wir standen um 8 Uhr auf und machten ein Feuer. Dann frühstückten wir. Nach dem Frühstück haben wir eine Brücke über die Sauer gebaut, es war sehr schwer. Die Brücke bestand aus Holz. Es hat ungefähr 5 Stunden gebraucht bis die Brücke fertig war. Nach der Konstruktion haben wir eine Wurst mit Püree gegessen. Nach dem Essen haben wir eine Lagerfeuer gemacht, wir grillten Marchmellows. Dann gingen wir um 12:00 Uhr ins Bett. Vorher haben wir einen Kühlschrank und eine Dusche gebaut.

Tag3:
Wir standen um 8 Uhr auf und wir assen. Danach begannen wir mit unserem Atelier. Die beiden Gruppen Lindt und Côte d’Or bauten Katapulte, womit wir über die Sauer schossen. Doch leider funktionnierte unser (Côte d’Or) Katapult nicht. Zu Mittag assen wir Hamburger mit Reis und Salat. Danach

machten wir eine Olympiade. Die zwei Gruppen mussten ihr Können in den verschiedenen Disziplinen beweisen. Am Abend hatten wir eine Veillée, wo wir herausfanden, dass die Menschen, die das Rezept hatten, auf der Campplaz waren. Und an diesem Tag haben wir das Mupp-lied erfunden. Es geht so: "**An dem Mupp, do mecht et schwupp, leit e Wupp am Mupp, vu virgeschter vu menger Schwester am Mupp**".

Tag4:
Wir sind um 7:00 Uhr aufgestanden, um 7:30 frühstückten wir. Dann gingen wir nach Bourscheid. Nach dem sauschwerem Weg sind wir in ein Restaurant gegangen und haben eine gute Bouchée à la reine gegessen. Nach dem Essen gingen wir zusammen mit Bertram, Theid und Schockofix auf die Burg von Burscheid wo wir eine Nachricht finden mussten. Danach gingen wir zurück. In einem Café haben wir ein Eis gegessen und schauten die Tour de France. Abends hatten wir Freizeit und wir spielten Stratego.

Tag5:
Morgens standen wir gegen 7 Uhr auf. Wir frühstückten und wir fuhren mit dem Auto nach Dillingen. Dort fuhren wir mit dem Kayak nach Echternach. In der Mitte der Strecke sahen wir einen schwarzen Mann der einen Hinweis für uns versteckt hatte. Er floh, und nach einer mühsamen Verfolgungsjagd hatten wir ihn endlich gefangen. Nun mussten wir nach Echternach ins Zentrum. Dort war Public viewing "Tour de France". Wir schauten uns um und dann gingen wir zu den Sportsfeldern hinter der Schule. Dort lief Schokofix vor uns weg. Er hatte das Rezept geklaut. Nun kauften wir (Mich, Gilles und Jérôme) einen Döner. Dort war ein Fernseher und wir sahen das Ende der Tour de France und wie Andy das "Maillot Jaune" bekam. Um 6 Uhr (1 Stunde vorher assen wir 1 Döner!) gehen wir in ein Restaurant und assen eine Pizza. Wir fuhren zurück. Wir schliefen sofort.

Tag6:
Wir standen spät auf (=anormal). Wir haben das Frühstück dieses Mal genossen. Nach dem Frühstück haben wir einen Parcours für die Elteren aufgetellt, danach wurden die Preise verteilt für den Super-Avex. Mittags assen wir Pain perdu, es war natürlich sehr gut. Dann spielten wir sehr sehr viele Partien Indiaka, dann kamen die Elteren. Sie machten den Parcours und zum Schluss haben wir gegrillt.

Jérôme und Michel

Wat war lass am Scoutsjoer?

Buergbrennen

Ouschtereeraktioun

Carwash-Aktioun

Kéisowend

« OnTour »

vum 13.08-22.08 hei Heem

Samsdes, den 13. a Sonndes, de 14. August

Rendez-vous um 10.00 Auer op der Gare zu Luerenzweiler. Vun do aus fuere mer op de Misärshaff. Do riichte mir Zelter op, an ameséieren eis e bëssen.
Mir riichten och een Terrain fir Indiaca ze spillen op, an dunn hu mer gegrillt: Grill & Mettwurscht (mat extra schaarfem Moschter). Owes a mir hunn eise Camp organiséiert, d.h. d'Charge goufe verdeelt an de Programm präsentéiert. Dono hu mer Verstoppjes gespillt dono ware mer schlofen. An der Nuecht huet et weidergereent.
Um 7.00 Auer war OWKS (Opstoen, Wäschen, Kaffi drénken a Spullen) an hate mer een Atelier «Becher brennen». Dono ware mer op de (Stau)Séi an do hu mer Waasserspiller gemaach. Zum Schluss ware mer an d'Sauer, also an de Stau. Du si mer zeréckkomm an hunn eng Veillée gemaach.
Tom B.

Méindes, de 15. August

Um 7:30 huet den Ander eis erwächt, an um 7:45 si mer opgestan. Mir hunn onse Rucksak gepak, mat allem wat mer brauche fir eng Nuecht.
Wéi mer all prett waren, an de Rucksak richteg souz, huet den Ander eis eng Kaart ginn, an eis d'Coordonneeë nach eng Kéier erkläert. Op der Kaart ware Punkten agezeechent, déi hu mir misste fannen. Wa mir déi fannen an dem Ander eng SMS schecken, konnte mir eis ee «Luxus» sécheren.
Mir hunn eis dunn op de Wee gemaach. **Mir hunn den éischte Punkt schonn direkt net fonnt**. Dee wor awer zum Gléck net wichteg. Déi längste Streck tëschent zwee Punkte wor déi vum 1. op den 2. Punkt. Beim 2. woren Kanounen aus dem 2. Weltkrich. D'Punkten 3-5 woren tiptop gaangen.
De Rick, den TomBola an den Olivier hunn sech dunn op de Wee gemaach fir de 6 ze sichen, während ech, Céline an den Tom Paus gemaach hunn. De Rick & Co. sinn anscheinend 10 Minutte laanscht de Punkt 6 getrëppelt. Well mer scho midd waren, war d'Streck tëschent dem Punkt 6 a 7 dee schwéiersten Deel.
(Mir hunn eis puermol verlaf).
Beim Punkt 7 ukomm, wollte mer schonns opginn, hu mer awer net !
Mir hunn et ausgehal. Beim 8 hu mer erausfonnt wou et higeet fir bei d'Campplaz. Mir goufen uewen empfaang vun eise Cheffen a si hunn Iesse gemaach, een « halleft » Zelt opgeriicht, an eis een Dessert ginn. Dat war eise «Luxus». Laang si mer net opbliwwen, well mir freckt woren. Um 12.00 Auer (ongeféier) si mer schlofe gaang.
Eric

Dënschdes, de 16. August

Um halwer 9 si mer opgestan. Dunn hu mer giess an eise Rucksak gepak.

Dono hu mer Bréidercher fir ënnerwee gemaach a si fortgaang. Du si mer zimlech wäit gaang. Puer Pausen dotëschent hunn och net gefeelt. Mer hu misse bis bei d'Schlass vun Esch-sur-Sûre.
Et war zimlech ustrengend. Wéi mer du beim Schlass ukoume, si mer vun de Cheffen empfaang ginn. Du krut jiddereen eng Cola an dunn hunn d'Cheffen eis op Réiden an d'Schwemm gefouert.
An där Zäit sinn si akafe gaangen. Um 18.00 Auer si mer aus der Schwemm erausgaang a si bei d'Cheffen op Terrass gaang.
Owes hu mer Pakalu giess an dono ee relaxen Owend beim Feier.
Céline

Mëttwochs, de 17. August
Mer sinn sou wéi praktesch ëmmer um halwer 9 opgestanen, hu Kaffi gedronk, sinn op d'Toilette gaang an hu gespullt. Nom Spulle ass et Zäit gi fir ons Saachen anzepaken, well mer haut op de Stau Kayak a Kanu fuere ginn.
Ronn eng hallef Stonn drop ware mer ready fir fort. Mer sinn all zësummen an der Camionette bis op Lëltz gefuer wou **d'Kanuën, d'Kayakën** an eisen

Instruktor op eis gewaart hunn.
Mir krute kuerz alles erkläert an du si mer alleguer zesummen an ee Risekanu geklomm a sinn e bëssen duerch d'Géigend gepaddelt, bis mer den Dréi richteg eraus haten a schonn zimlech schnell ruddere konnten.
Mer hu probéiert alleguer um Bord vum Kanu ze stoen an dorop ze balancéieren, dat huet 3 Sekonne gehalen an du louche mer all am Stau a ware plätschnaass.
Mëttes hu mer Sandwichë giess, an dann ass et an den eenzel Kayakë weidergaang. Owes huet du nach jidderee säi Carapio-Verspriechen ofgeluecht.
Rick

Donneschdes, den 18. August
Mir sinn wéi ëmmer géint halwer 9 opgestan, dunn hu mir Kaffi gedronk, an ugefaang opzeraumen, vu dass mir haut sollten op Miersch plënneren.
Et gouf keng Problemer beim Apaken a mir si géint 11.30 Auer fortgefuer fir an de McDonalds ze goen. Et huet jidderengem geschmaacht.

Dono si mer am Home « Les Loutres » ukomm, wou mir eng Verdauungspaus gemeet hunn, bevir mer d'Zelt wollten opbauen. Mëttes sollte mir eigentlech ee **Rallye an der Géigend** vum Hunnebuer maachen, mee well di meescht midd waren vum Dag virdrun, gouf et einfach ee Pausmëtteg.
Owes, wéi alles opgeriicht a jiddereen op der Feierplaz war, sou géint 22:00 Auer, hu mir dunn 2 Ekippe gebild: déi eng heescht « **Kéisbrout** » an di aner « **Déi besser Milka** ». Dunn hu mir eng Quizshow gemeet. D'Ekipp « Kéisbrout » huet mat 20 Punkte Virsprong gewonn.

Da si mer géint 00.00 Auer schlofe gaang.
Olivier



Freides, den 19. August
Um 8.00 Auer koum den Ander ons erwächen. No enger halwer Stonn war dunn och dee Leschten aus dem Zelt komm, fir Kaffi ze drénken an eppes Klenges z'iessen.
Dunn hu mer onse Rucksak gepak fir um halwer 10 op ee klenge **Geocache** ze goen. D'Koordinaten hunn ons bei d'Mamerlaye bruecht. No e bësse Gesichs hu mer an enger Hiel nach eng Koordinat fonnt. Obwuel mer ganz laang gesicht hunn, hu mer de Schatz, dee verstoppt war, net fonnt.

Dono si mer d'Mamerlayen nach e bësse kucke gaang. Dobäi hu mer e puer Höhle fonnt, déi mer mat Hëllef vun eisen Täscheluten erforsche konnten. Et wor zwar enk, mee mer si bal all duerchkomm (souguer den Ander an de Max sinn duerchkomm !!!) Du si mer sou séier wéi méiglech zeréckgaang. Als Mëttegiesse gouf et Omelett an Zalot.
Dunn hu mer rëm eng Kéier de Rucksak gepak. Dës Kéier hu mer Schwammsaaachen agepak well mir si nämlech tauche gaang. Um 13.00 Auer sinn d'Renée an d'Lisbeth komm fir mat eis tauchen ze goen. Mat der Camionette si mer op Eileng an de Splash gefuer.
Mir hunn ons an zwou Gruppen agedeelt. De Rick, den Tom Barthel, den Ander, de Max an ech (TomBola) ware fir d'éischt drun, duerno de ganze Rescht. Mir hunn d'Schwammsaachen ugedoen an dunn de Neopren drop. Am Waasser krute mer de Rucksak mat der Ausrüstung ugedoen, a no e puer Otemübunge konnte mer och schonn an dat déift Waasser (4 m déif). **Ënner Waasser war et mega witzeg** an et ass einfach nëmmen ee super Gefill ënner Waasser ze otmen.

Am Waasser louchen e puer Spillsaachen (ee Basketball an e puer Torpedoën). No enger flotter Stonn misste mer erëm eraus, an di nächst Grupp konnt an d'Waasser, während di aner eng schéi waarm Dusch konnten huelen. Nom Tauche si mer erëm zeréck op d'Campplaz gefuer.
Do hu mer Indiaca gespillt, oder mer sinn an eng kleng Epicerie an der Géigend gaang wou een e puer Klengegkeete kafe konnt. Den Olivier an d'Céline si mam Max akafe gaang. Wéi mer zeréck aus der Epicerie komm sinn, hu mer gesinn, dass mer Besuch haten : de Jemp, d'Léa an de Luss waren do.

Mä well mer näischt z'iessen haten, si si rëm gefuer. Als Owesiesse konnte mer ons selwer een Hamburger maachen. Dunn hate mer ons ee schéint Feier gemaach. Mir sinn awer fréi schlofe gaang, well mer jo muer an den Europa-Park goe wollten.
Dat war alles, dat ass vill, nee!?
Tom Bola

Samsdes, den 20. August
Mir sollten am Fong dësen Dag an den Europa-Park goen, mee an der Nuecht ass ee klenge Malheur geschitt: De Rick huet gekatzt. Dat wëll heeschen, datt mir am Fong fir näischt um 6 Auer opgestan sinn.
Den Ander huet ons dunn 2 Programmer proposéiert :
1. Plang : mir ginn an de Waligator a net an den Europa-Park
2. Plang : mir ginn haut de Mëtteg an den Hochseilgarten op Diddeléng an da muer an den Europa-Park. Dunn hu mir déi zweet Propositioun ugeholl.

Dann huet den Ander dem Rick säi Papp ugeruff a währenddeem si mir erëm schlofe gaang, ausser dem Eric, dem Tom an Olivier. Si hunn eng Leeder gebastelt fir op den Tuerm ze klammen. Um 11.00 Auer waren si fäerdeg. Du si mer op den Tuerm gaangen an hu Cola gedronk an Haribo giess. Dono hu mer een Indiaca-Tournoi gespillt. Ekippe waren : Tom – Tom-Bola, Dani – Céline, Max - Oli an Ander – Eric. De Max an den Oli hunn den Tournoi gewonnen.

Du si mer Pain Perdu iesse gaang. Dono si mer an den **Hochseilgarten** gefuer, a wéi mer ukomm sinn, hu mer fir d'éischt mat der Bloer Pist ugefaang. Déi war cool bis op den Tarzansprong. Do hat jiddereen sech wéigedoen (geblutt).

No der bloer hu mer dunn di rout Piste gemaach. D'Dani huet bei den Hufeisen Spagat gemaach a bei der leschter Bréck ass den TomBola (lol) op ee stole Seel gefall.
Wéi dunn jidderee fäerdeg war, hu mir e bësse beim Tarzansprong nogekuckt an dunn war de «Big Boss» do. Deen huet du gesot datt nach nie ee schlëmmt Akzident geschitt ass, a nach nie een sech eppes gebrach huet. Hien huet gesot « Du muss dëss um Plasstic Seel unhalen, dann deess du dir net wéi».
A schonns huet een sech de Fanger gebrach! Dunn si mer bei d'Receptioun gaangen well hien ons op de Sak gaangen ass.

Dono si mer op d'Schueberfouer gaang. Do ware mer dunn an de Rotor, dono ware mer nach op de Shaker an op d'Knuppautoën. Dat war mega cool. Dono ware mer eppes iessen : Nuddelen an Hamburger.
Wéi mer dunn heemgaang sinn a mer si fréi schlofe gaang, well mer den Dag dono fréi mussen opstoen.
Tom B.

Sonndes, den 21. August
Den Ander ass komm an huet eis moies um 6.00 Auer erwächt fir dass mir um 7.00 Auer prett si fir an den Europa Park ze fueren. Leider war de Rick net do, well et him schlecht war.

Mir hunn eis e bësse no 7.00 Auer op de Wee gemaach. D'Fahrt huet gudd 3 Stonne gedauert. Mee vill hu mir net matkrut, well mer geschlof hunn. Am **Europa-Park** ukomm, hu mir mol fir d'alleréischt de Silver Star gesinn.

Den Ander huet MISSE bezuelen. Well mer all als Erwuessen gegollt hunn, huet hie souguer MISSEN 288 Euro bezuelen. Mir sinn direkt all zesummen op de Silver Star gaangen. Dat war gäil! Als nächst hu mir entscheed all zesummen an den Euro-Sat ze goen. Dat ass eng Achterbahn am Donklen. Nom Euro-Sat si mer iesse gaang. Mir (Carapio) hunn eis Cheffen net direkt fonnt. Mir hunn eis duerno getrennt. Ech, den TomBola, den Tom an den Olivier sinn op d'Adventure Atlantis gaang. Dat ass eng Mini-Achterbahn wou ee muss op Zieler schéissen.

Den Ander, d'Céline, de Max an d'Dani waren op d'Bobbahn. Dat wor net derwäert hunn se gesot. Ech, den TomBola, den Tom an den Olivier hunn eis an der « Dusch-Zone » vum Poseidon naass gemaach. Nodeems dat vollbruecht war, si mer all zesummen op de Poseidon gaang. Déi Bunn ass cool, well se am schéinsten Deel vum Park ass, a well et eng Achterbunn an eng Waasserbunn gläichzäiteg ass. Ausserdeem ass de Wee fir drop net schlecht gemaach. Mir all hunn de Poseidon gudd fonnt. Well eis Cheffen an d'Céline an d'Dani nach net am « Fluch der Kassandra » waren, si mer mat hinnen dohinner gaangen. Mir hunn eis all freckt gelaacht, wéi eis eng Kugel laanscht den Hënner gaang ass.
Du waren mer am hollänneschen Deel an eng Piraten-Bunn, déi awer net esou gudd war. Dono ware mer op d'Schaukelboot an dunn op de BLUE FIRE, déi wahrscheinlech coolsten Achterbunn aus dem Europa-Park. Do op de Sëtzer huet een e Pulsmiesser an eng Kamera. Ech konnt mäi Puls net moosse, well meng Hänn ëmmer an der Lut waren.
Ech hat vergiess mäi Foulard auszedoen an hat deen dunn um Film ëmmer am Gesiicht. Den TomBola an ech hunn de Film zesumme kaf. Doropshinn si mer op den Euro-Mir gaangen, deen awer nëmme mëttelméisseg war. Um 18.00 Auer si mer zeréckgefuer.

Ech an den TomBola ware schonn hallef hees. **Dat wor awer ee coolen Dag.** Mir sinn um 21:00 -22 :00 Auer ukomm, hu Ravioli giess, a sinn du schlofe gaang.

Méindes, den 22. August
Haut ass dee leschten Dag vun eisem coole Camp!
Moies konnte mer ausschlofen. Dunn wollte mer dem Ander et büßen, dass hien eis moies ëmmer um 8 erwächt huet, mee wéi mer dunn gehierlos vill Kaméidi mat Dëppendeckele gemaach haten, hu mer gemierkt, dass nëmmen de Max am Zelt louch, an d'Dani an den Ander akafe waren. Du war de Max sou richteg wakreg.
Wéi dunn d'Dani an den Ander rëmkomm sinn, hu mer mol gefrühstückt .

Du war et halwer 12, an du sot den Ander mer missten d'Zelt bis 1 Auer agepakt hunn . An der Zäit wou d'Jongen d'Zelt agepakt hunn, hunn d'Dani an ech de Grill propper gemaach. Den Ander huet Feier ugemaach a mer hu Pouletstécker drop geluecht. Mëttesiessen war Poulet um Bréidche mat Ketchup oder Andalouse. Mëttes hu mer déi Saache rausgesicht déi mer owes nach gebraucht hunn, an de Max an den TomBola si mam Rescht an d'Hal an an de Foyer gefuer. Um halwer 4 hunn d'Dani, den Tom an ech Geméis geschnidden.

Dono hunn den Tom an ech Popcorn gemaach.
Dono sinn den Ander an den Eric vum Akafe komm, an d'Dani an ech hunn Zalote gemaach. Um halwer 6 ass déi éischt Mamm komm, an dono sinn der ëmmer méi komm.
Dunn huet den Ander de Grill ugemaach a gegrillt. Dono gouf et Dessert an dunn um 21.00 Auer sinn e puer Leit heemgaangen.

Ech wëll just dem ANDER, MAX, CATHRINE an DANI Merci soen, dass si eis sou ee coole Camp erméiglecht hunn. Merci :)

Celine TOISUL MILKA

Ma, et huet eis och wirklech Spaass gemaach, déi puer Deeg mat iech ze verbréngen. Och wann heiansdo net einfach war!;)

Mir maachen et kuerz: d'RaRo waren an Norwegen.

Wat mir erliewt hunn?

Mir waren Rafting machen, e leckert Kachduell, puer scheiner Treppeltiir, wonnerschein Landschaft, léif Geesen, vill gelaacht a gegackert, d'Josephine, Iwwernuechtung mat "Vue sur Fjord" an zu gudder läscht de Mister Melk!

Vill Spaass mat eisen Fotoen an Logbuch-Ausschnëtter!



D' Haaptsach
de Ben an
de Germain
hun sech
fonnt!


Adé Norwegen!
Lisa
Marseille
Ben a Germain
Flo + Fanny
Reis-
krankenschwester
Carole B. + Julie
Tessy + Carole S.

Flo: “Teppus soll ech der helefen?”
”Nee Kakus!”

Eric :
Stauwaasser ass wéi Spruddelwaasser, mee ouni Spruddel, also Waasser

Kenns du?
De Soleil kennd!

Tessy: “Lo haalt der op, soss fueren mir nees heem!” Carole B.: “Ech wees”

An der RaRo Versammlung: “Hues du och eng Muert era gestach?”
“Pardon?!”

TomBola :
Das bleibt alles so wie’s hier ist und es wird sich hier nichts dran ändern. Egal ob du hier bist oder nicht (Halt Stop !)

Germain zum Ben: Ech wees all deng Beweegungen ze schätzen!”

Olivier :
Däin Haus ass eng Fënster

Haaptsaach eng Haaptsaach!

WAGGGS = fir international Ustéiss!

DAT DEET NÄICHT!

Mir baue Beem!

TomBola :
Männlech ass wann een an de Schlofsak fuerzt an en da selwer richt

Mir sinn Experten a Vullen erkennen!

Fanny: “ Et laacht een net iwwert anerer! Et geet een sech schummen!”

UM AVEX-CAMP:
AN DEM MUPP, DO MECHT ET SCHWUPP, LEIT E WUPP AM MUPP, VU VIRGESCHTER VU MENGER SCHWESTER AM MUPP

2010/11
Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgelëscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberlëscht vun 2010/2011 vum Verband stoungen.

BIBER

Bernard	Pit
Clement	Tom
Decker	Ben
Hornung	Nora
Jemming	Philippe
Kalmes	Lex
Mathias	Liz
Pletschette	Olivier
Rasquin	Anil
Rieffer	Laurent
Scholer	Selina
Stenssen	Ryan
Theisen	Seja

WELLEFCHER

Bruni	Elena
Batista	Margarida
De Waha	Elena
Goudenbour	Ben
Hornung	Sarah
Hubert	Fiona
Jemming	Sebastien
Kieffer	Alex
Minette	Félix
Schmalen	Gil
Stenssen	Marc
Theisen	Lynn
Warken	Gelena
Weber	Lena
Zepp	Lilly

AVEX

Bodé	Lisa
Bruni	Andrea
Heisten	Gilles
Heisten	Mich
Koch	Vanessa
Mathias	Lynn
Rech	Ramona
De Waha	Jérôme

CARAPIO

Bodé	Tom
Barthel	Tom
Kieffer	Olivier
Roderes	Rick
Toisul	Céline
Wiggins	Eric

RARO

Beck	Julie
Bordez	Carole
De Dood	Florence
Schmol	Carole
Toisul	Fanny
Urbé	Lisa

CHEF / TAINE

Beck	Jemp
Bidoli	Charel
Bidoli	Renée
Bisenius	Lisa
Bourmer	Fränk
DeDood	Florence
Fournelle	Germain
Gallelli	Jill
Hanck	Catherine
Höfliger	Tessy
Krecké	Elisabeth
Linckels	Sven
Molitor	Anne
Müller	Ernestine
Peusch	Mireille
Prim	Carole
Rommes	Anne
Schosseler	Jil
Schmol	Carole
Schreiner	Ben
Schroeder	Änder
Toisul	Fanny
Urbé	Lisa

MATAARBECHTER

Reuter	Pit
Kieffer	Chantal
Dostert	Misch
Brück	Pol
Brück	Misch
Theisen	Mike
Jegen	Petz
Weiss	Annick
Menster	Annick
Leclerc	Nicole
Weis	Manon
Weis	Tania
Schintgen	Pol
Weber	Men
Theisen	Roby
Schmit	Léa
Bodé	Camille
Weyrich	Luss
Toisul	Joëlle & Patrick
Schosseler	Sven
Panetta	Nico
Bodé	Charel
Maes	Myriam
Ferres	Dany
Prim	Patrick
Backendorf	Marc
Bohler	Alex

Wann mir eenvergiesshunn, ass dat nët gär geschitt. Soot eis bescheed, an d'nächst Joer bass du dran :-)